ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 15. Mee 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Aarbechtsminister an un den Här Minister fir de Mëttelstand weiderzeleeden.

Zenter dat am Kader vun der Coronakris am Mäerz verschidde Restriktioune gëllen an d'Betriber aus dem Horescaberäich hir Diere fir hier Clienten hu missen zoumaachen, hunn d'Liwwerdéngschter fir Liewensmëttel ze transportéieren, Héichkonjunktur.

Hei zu Lëtzebuerg ass eng Entreprise, déi bei der „Livraison à domicile", bannent kuerzer Zäit Leader vum Marché ginn ass, se ass e gutt Stéck méi bëlleg wéi aner Ubidder. Der Firma hir geschaten 200 bis 300 Livreure sinn awer net als Salariéen agestallt, ma als „Prestataires de Services" mat engem Freelance Kontrakt. Déi Concernéiert bräichten deemno eng TVA-Nummer a missten sech selwer bei der Sécurité Sociale umellen. Laut mengen Informatiounen, ass dat awer kaum de Fall.

Dofir wéilt ech der Regierung folgend Froe stellen.

1. Ass der Regierung bekannt datt déi betraffe Firma zu Lëtzebuerg, op déi virdru beschriwwe Manéier, aktiv ass?
2. Déi betraffe „Prestataires de Services" mussen, laut Gesetz, alleguerten eng Autorisatioun fir hir Aktivitéit hunn? Ass dat de Fall?
3. All Livreur misst bei all Liwwerung eng Rechnung, mat der respektiver TVA drop, ausstellen? Ass dat de Fall?
4. Déi concernéiert Firma misst déi bezuelten TVA all Kéier eenzel buchen, grad wéi och d'Frais de Livraison, ass dat de Fall?
5. Am Secteur vun der Restauratioun a vun de Liwwerservicer ass eng gréisser Onrou wéinst der Praxis vun där Firma. Hei gëtt vun deloyaler Konkurrenz geschwat. Ass d'Regierung och där Meenung?
6. Ass der Regierung d'Manéier wéi des Firma schafft bekannt, an ass déi beschriwwe Praxis legal?

7. Ass déi Firma an d'Leit déi fir si schaffe, scho kontrolléiert ginn ob déi aarbechtsrechtlech Bestëmmungen alleguerten agehale ginn?
8. Wéi steet d'Regierung zu der Praxis vun dëser Firma, wëssend datt sech de Minister François Bausch an der Vergaangenheet scho géint en auslänneschen Taxi-Déngscht ausgeschwat huet, well dësen eng änlech Praxis ausüübt an dësen hei am Land dowéinst net Fouss faasse konnt?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten